REZEPT #1
Niveau A1

# Marmorskuch

Mir baken e Kuch



## Wéi mécht een e Marmorskuch?

Text a Foto: Nico Brettner, Bild: Roby Pierson

E Marmorskuch ass ganz einfach ze baken.

Schëtt alles, **ausser** den Kakaopolver an engem klengen Deel vun der Mëllech, an déi grouss Schossel.
Vermësch alles.
Mach d' Hallschent vum Deeg an deng Bakform.

D' Hallschent bleift an der Schossel
Maach den Kakaopolver mat an d' Schossel.
Gëff de Rescht Mëllech dobäi
Réier den Deeg
Schëtt den Deeg an d' Bakform

Gëff d' Bakform fir 45 Minutten, bei 180°C an de Bakuewen

### WAT BRAUCHS DU?

1 Tut Bakpolver
1 Tut Vanillzocker
3-5 Iessläffele Kakaopolver
2-3 Eeër
250 Gramm Botter (waarm)
250 Gramm Zocker
500 Gramm Miel
Mëllech

### MATERIAL

Eng grouss Schossel
E grousse Läffel
Eng Bakform

# Vokabelen

Bild Roby Pierson


Sich d'Vokabelen a schreif se bei déi richteg Zuel!

1 ....................................  5 ....................................

2 ....................................  6 ....................................

3 ....................................  7 ....................................

4 ....................................  8 ....................................




# Verben



Wichteg Verben beim Baken:

mëschen ................................

vermëschen ................................

schëdden ................................

ginn ................................

réier ................................

baken ................................

schmaachen ................................

Kenns du nach Verben fir beim Baken?

........................................................

........................................................

........................................................

Pass op! Verbe ginn beim Baken am Imperativ (Befehlsform) genotzt.

# Kee Kuch mee Muffine

By Adrian King

Du kanns och ganz einfach d'Rezept vun uewen huelen an net alles an eng grouss Bakform schëdde mee kleng Muffine maachen.

Do änneren sech e puer Saachen.

Du brauchs eng Muffin-Form an e puer Muffin-Pabeieren (doduerch baakt näischt un.

An well déi vill méi kleng sinn, ginn se just 20-25 Minutte gebaakt.